N° 6257
Reçue le 27.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.05.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/05/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Ëffentlech Aarbechten & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

En Artikel vum Lëtzebuerger Wort aus dem Joer 2019 thematiséiert den Ofbau vun de Luuchtepottoen op verschidden Autobunnen - dorënner ee Segment op der A13 tëschent dem Tunnel Aessen an dem Tunnel Eihleréng, wou ob engem ronn zwee Kilometer langen Ofschnëtt d'Luuchtepottoen ewechgemaach goufen. Och ob der A1 gouf d'Beliichtung op enger Streck vu baal 5 Kilometer tëschent dem Tunnel Houwald a Sandweiler demontéiert. D'Moosnam gouf geholl mam Argument, dass d'Beliichtung vereelzt gewiescht wier an d'Ersatzdeeler net méi produzéiert goufen. Gleichzäiteg sollt duerch dës Moossnam d'Liichtverschmotzung reduzéiert ginn an och Energie gespuert ginn.

Et ass net déi eischte Kéier, dass esou Aarbechten ënnerholl goufen. Schon 2014 goufen ob der A6 an der A13 ronn 600 Beliichtungsmasten demontéiert, och obgrond vun hirem Alter.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Luuchtepottoe goufen, säit Amtsuntrëtt vum Minister am Joer 2013, op den Autobunnen demontéiere geloos?

2. Wéi vill Kilometer Autobunn sinn doduerch net méi beliicht ?

3. Ass an Zukunft virgesinn, op weideren Autobunnssegmenter d'Luuchtepotoen ewechzehuelen?

4. Wéi vill KWh pro Joer zousätzlech Aspuerungen goufen duerch d'Ofmontéirung vun de Luuchtepottoen säit Amstuntrëtt vum Minister enregistréiert?
   Ob wéi vill Euro belaafe sech dës järlech Aspuerungen?

5. Ob wéi vill KWh schätzt den Energieminister de Verbrauch vun der gesamter Infrastruktur vun der ëffentlecher Beliichtung?

6. Goufen Etude gemaach, fir ze ermëttelen, ob d'Reduzéierung vun der

Liichtverschmotzung an der Ëmgéigend vun de concernéierten Autobunnen e positiven Effekt op d'Awunner an/oder op d'Déierewelt hat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

N°6257
Reçu le 11.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, vum Minister fir Energie a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6257 vum 27. Mee 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Wéi vill Luuchtepottoe goufen, säit Amtsuntrëtt vum Minister am Joer 2013, op den Autobunnen demontéiere geloss?*

An de Joren 2014 an 2015 goufen op der Autobunn A6 insgesamt 590 Pottoen demontéiert, wat 590 eenzele Luuchten entsprécht.

Am Joer 2019 goufen op den Autobunnen A1 an A13 63 respektiv 49 Pottoen demontéiert, dëst entsprécht 126 respektiv 98 eenzele Luuchten.

Alles an allem ergëtt sech heiraus een Total vun 702 Pottoen an 814 eenzele Luuchten.

*Wéi vill Kilometer Autobunn sinn doduerch net méi beliicht?*

Nodeems déi genannte Luuchtepottoen um Autobunnsreseau ofmontéiert goufen, sinn op der A6 7,4 Kilometer, der A1 1,86 Kilometer an der A13 2,35 Kilometer net méi beliicht.

Am Ganzen entsprécht dat 11,61 Kilometer vum Autobunnsreseau.

*Ass an Zukunft virgesinn, op weideren Autobunnssegmenter d'Luuchtepotoen ewechzehuelen?*

Am Moment ass net virgesi fir weider Demontage vu Luuchtepottoen op dem Autobunnsreseau virzehuelen.

*Wéi vill KWh pro Joer zousätzlech Aspuerungen goufen duerch d'Ofmontéierung vun de Luuchtepottoen säit Amstuntrëtt vum Minister enregistréiert? Ob wéi vill Euro belaafe sech dës järlech Aspuerungen?*

Déi duerch des Moossnam erzielten Erspuernisser vun der Energie belafen sech betreffend der A6 op 400.000 KWh an op der A1/A13 zesummen op 150.800 KWh.

Dëst entsprécht, op Basis vun den aktuellen Energiepräisser, engem Erspuernis vu ronn 131.500 Euro pro Joer.

*Ob wéi vill KWh schätzt den Energieminister de Verbrauch vun der gesamter Infrastruktur vun der ëffentlecher Beliichtung?*

Den Energieverbrauch duerch d'Beliichtung vun de Staatsstroossen (Routes nationales an Chemins repris) beleeft sech op insgesamt 20,65 Millioune KWh pro Joer.

Op den Autobunnen (ouni Tunnellen) ass et ee Verbrauch vun 3,24 Millioune KWh pro Joer.

*Goufen Etude gemaach, fir ze ermëttelen, ob d'Reduzéierung vun der Liichtverschmotzung an der Ëmgéigend vun de concernéierten Autobunnen e positiven Effekt op d'Awunner an/oder op d'Déierewelt hat?*

Eis si keng där Etudë bekannt.

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch